# Rapport Versammlung CdJ vum 20.10.2025

*Präsenzen:* *Lex Schroeder, Guy Kruchten, Romain Engels, Dan Wiseler, Serge Raach, Marco Schmit, Marco Schmitz, Suzie Godart*

*Invité:* *Camille Dahm (Präsident FSCL)*

## 1. Läschte Rapport a Rapporte vun de Coursen

De Rapport vum 15.9.2025 gët eestëmmeg gutt geheesch a kann online gesat gin.
De Claude Magar mecht e kuerze Rapport vun den Epreuves Jeunes vu Wolz, wou 84 Kanner um Start waren; de Lex Schroeder mecht de Rapport vu Schëffléng, wou 78 Kanner deel gehuel hun. (Detailer an de Rapporte selwer um Site FSCL).

## 2. Läscht Ännerungen am Reglement

De Claude Magar mecht dem Präsident e kuerzen Historique vun eisen Treffe mat  Jury respektiv FSCL:
6.1.2025: éischt Entrevue CdJ mat der Jury
14.1.2025: Informatiounsversammlung CdJ mat de Veräiner
20.5.2025: Entrevue Claude Magar (CdJ) mat den Traineren FSCL
10.6.2025: Iwerschaffe vum éischten Draft CdJ a Jury
22.9.2025: Virstellung vum iwerschafften Draft un d'Veräiner

De Präsident bréngt séng Iddien zu verschidde Punkten an, an zesumme gët de Konsens gesicht.

De Claude Magar mecht déi puer Ännerungen esou séier wéi méiglech a schéckt déi definitiv Versioun vum neie Reglement un de Präsident an d'Federatioun. Dëse gët se weider un d'Membere vum CA, sou dat déi definitiv Versioun kann um Kalennerkongress virgestallt, an driwwer ofgestëmmt gin.

## 3. Orga Kids Juge

An dëser Saach gët ët nach e puer Differenze mat der Jury, waat d'Dauer vun esou enger Formatioun ugeet (4Stonne géint 12 Stonne plus Examen). De Präsident wäert versichen daat met der Jury ze klären, dat dës Formatioun sou séier wéi méiglech kann ugebuede gin.

## 4. Präisser Technikofzeechen (Maillots?)

No dem Devis vun Ufank August feelt nach een oder e puer Design-Virschléi, fir e flotte Maillot fir déi 3 éischt am Generalklassement vun all Kategorie. Dee Maillot muss d'charte graphique vum Sponsor berücksichtegen, an ët mussen niewt dem Numm vum jeweilege Kand, och d'"Kettchen" (Logo vum Technikofzeechen) an de Logo vun der FSCL drop kommen. De Camille Dahm suergt derfir, dat de Kleedersponsor vun der FSCL eis daat esou séier wéi méiglech schéckt. Fir all Kanner sollen awer wéi déi Joere virdrun nees individuell Medaillen an Diplomer verdeelt gin.

Als Datum fir d'Präisiwerreechung beim Kichechef op der Kap gët de 17.1.2026 virgeschloen, deen Datum muss nach vum Sponsor bestätegt gin.

## 5. Planning Technikofzeechen

D'Inscriptioun ass online, de Bréif un d'Veräiner muss nach verschéckt gin. De Lex Schroeder kuckt daat mat dem Sekretariat vun der FSCL. D'Suzie këmmert sech drëm e klenge Flyer ze maachen fir um Site vun den Inscriptiounen ze publizéieren.

Fir de Catering huet den Här Hilgert de Paul Eischen organiséiert, d'FSCL soll d'Bonge fir déi Leit déi hëllefen iwerhuelen.

D'Camionette fir de Materialtransport ass reservéiert, de Romain Engels këmmert sech ëm d'Koordinatioun. (Beim Alueden paakt de Lex eng Hand un, beim Auslueden d'Suzie.)

RdV fir den Opbau as den 9.11.2025 um 8 Auer. Jidferee vum CdJ as do (Bandmooss fir d'Opzeechne vun de Statiounen nët vergiessen!) D'Affiche mat den Nummeren huet den Här Hilgert versuergt, déi kënnen nach emol genotzt gin.

De Claude Magar an de Guy Kruchten këmmere sech ëm d'Aschreiwungen an d'Resultater, da bleiwe vum Comité nach 7 Leit fir déi verschidden Atelier'en.
Am Ganze brauche mir 16 Leit fir d'Atelier'en, plus 2-3 Leit fir dat jidfereen emol e puer Minutte Paus fir z'Iessen asw. ka maachen.

Wéi d’läscht Joer muss jidfereen am Virfeld ugemellt sin, an all Kanner kréien hir Startzäiten an der Woch virum Event gemailt.

## 6. Divers

De  Virschlag vum Chronométrage électronique gët nach emol opgeworf, de Präsident Camille Dahm gesäit daat éischter positiv a kuckt mat sénge Leit, waat een do kënnt maachen.

De Marco Schmitz freet no, wéi ët mat dem Kontakt mam saarlännesche Verband steet, de Präsident waart op den Uruf vun séngem Homolog aus dem Saarland a seet dem Marco Bescheed.

De Caissier vun der FSCL soll e Kontrakt fir de Kichechef fir 2026 schreiwen, dat de Sponsorat kann offizialiséiert gin.

De Guy Kruchten betount nach emol, dat d’Opstelle vun den uniformiséierte Resultater vill Arbecht as, a seet och dem Steve Urban e grousse Merci fir séng Arbecht am Hannergrond. Fir 2026 mussen all Veräiner dee selwechte Fichier benotzen, daat vereinfacht daat Ganzt.

***Déi nächst Versammlung ass Dënschdes de 4ten November um 19:00 um Stade Boy Konen.***